N°4550
Entrée le 28.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.07.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 28. Juli 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Landwirtschaft steet haut viru villfältegen Erausfuerderungen a muss sech permanent un nei Entwécklungen an Ufuerderungen upassen. Fir d'Baueren ass et méi wéi jee wichteg, Planungssécherheet ze hunn. Déi administrativ Vereinfachung spillt dobäi eng wichteg Roll. Trotzdeem héiert een ëmmer nees vum Terrain, datt vill Baueren den Androck hunn, datt déi administrativ Aarbecht net manner, mee éischter méi gëtt.

Virun dësem Hannergrond géif ech der Madamm Landwirtschaftsminister gär follgend Froe stellen:

1. Kann d'Madamm Minister oplëschten, wéi eng Mesüren zanter dem Untrëtt vun der Regierung am Beräich vun den administrative Virgäng konkret geholl goufen, fir de landwirtschaftlechen Acteuren d'Liewen an deem Beräich ze vereinfachen?
2. Kann d'Madamm Minister oplëschten, wéi eng Mesüren an den nächste Joren zousätzlech op d'Baueren duerkomme kënnen, wat déi administrativ Aarbecht ugeet?
3. Huet d'Regierung an deem Kontext e Konzept, respektiv e Plang, wéi si d'Baueren, wat déi administrativ Prozeduren ugeet, entlaaschte kann?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, vum Aarbechtsminister a vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit op d'parlamentaresch Fro n°4550 vun dem éierewäerten Deputéierten Michel Lemaire**

1. **Kann d'Madamm Minister opléschten, wéi eng Mesüren zanter dem Untrëtt vun der Regierung am Beräich vun den administrative Virgäng konkret geholl goufen, fir de landwirtschaftlechen Acteuren d'Liewen an deem Beräich ze vereinfachen?**

**Gemeinsam Agrarpolitik**

D'Reform zur Vereinfachung vun der Gemeinsamer Agrarpolitik (GAP) vun 2024 (Reglement (EU) 2024/1468) huet haaptsächlech eng Lockerung vun den Ufuerderunge vun der Konditionalitéit mat sech bruecht, besonnesch am Beräich vun de gudden landwirtschaftlechen an ekologesche Konditiounen (GLÖZ). Des Ännerunge gi via e Projet vun engem Groussherzoglechen Reglement ëmgesat.

GLÖZ 8 – Ophiewe vun der Broocheflicht vu 4 % vun den Ackerflächen;

GLÖZ 7 – Fruuchtfolleg: D'Reform féiert zu enger méi grousser Flexibilitéit bei den Ufuerderunge betreffend d'Fruuchtfolleg;

GLÖZ 5 a 6 – Buedembeaarbechtung a Buedembedeckung: D'Ufuerderungen, déi fir d'Buedembeaarbechtung an d'Buedembedeckung gëllen, ginn ugepasst, fir de Schwieregkeeten Rechnung ze droen, déi notamment no den onbestännege Wiederkonditiounen am Hierscht 2024 opgetruede sinn.

Fir d'GLÖZ 5 gëtt d'Period vum Plouverbuet verkierzt.

Fir d'GLÖZ 6 gëtt d'Flicht zur Buedembedeckung gelackert. D'Plouen ass elo erlaabt, wann et fir d'Aussaat oder d'Anlage vun der Bedeckung néideg ass.

D'Reform vum Reglement 2025/2649 erkennt un dass Betriber déi komplett als biologesch Landwirtschaft zertifizéiert sinn, direkt konform mat verschiddenen Ufuerderunge vun der Konditionalitéit sinn.

Ausserdeem, erlaabt d'Reform eng méi flexibel Ëmsetzung vun de GLÖZ, fir notamment de follgende Facteuren Rechnung ze droen:

- de Buedem- a Klimabedéngungen;
- de Produktiounssystemer;
- den nationalen agronomesche Realitéiten.

Mat der Reform gouf och decidéiert den theoreteschen Opwand vun de Kontrollen op de Betriber erofzesetze vu 5% op 1% pro Joer.

**Aarbechtsrecht**

D'Regierung huet och e puer administrativ Vereinfachunge fir de Landwirtschaftssecteur virgesinn am Projet de loi n°8658.

Dëse Projet verstäerkt juristesch Kloerheet andeem eng Definitioun fir den « contrat à caractère occasionnel » agefouert gëtt. Mat dësem Kontrakt si verschidde Vereinfachunge virgesinn, ënner anerem, fir d'Ausstelle vun den Decompte bei kuerz Kontrakter an de Secteuren vun der Landwirtschaft, Wäibau an Horticulture, déi net méi wéi ee Mount daueren. An deem Fall, soll den Decompte spéitstens den Dag nom leschte Schaffdag geliwwert an de leschte Salaire bezuelt ginn.

Am Kader vum contrat à caractère occasionnel a fir Posten déi net als Risikoposten gëllen, féiert de Projet och eng Ausnam fir den Examen à l'embauche an eng alternativ Prozedur an. Déi Gesetzesännerung erméiglecht dem Patron d'Aarbechter séier kënnen anzestellen an asazbereet ze hunn. Aus deem Grond brauchen déi Aaarbechter sech net méi op engem Examen à l'embauche bei der Aarbechtsmedezin ze presentéieren, si kënnen op Basis vun engem medezinesche Formular deen vun hirem Hausdokter ausgefëllt gëtt vun der Division de la Santé vum Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet e certificat d'aptitude kréien.

Weider Mesurë vum Projet gesinn follgendes vir: D'Applikatioun vun den Dispositiounen vum HORECA-Secteur fir d'Wäistuffen, souwéi d'Erweiderung vun der Dérogatioun vum Verbuet vun der Sonndesaarbecht op d'Horticulture.

**Vereinfachung Bauen an der Gréngzon**

Vill vun de Mesuren, déi aus den nationale Konsultatiounen „Méi séier bauen" an „Einfach, séier, erneierbar" ervirgaange sinn an aktuell an der legislativer Prozedur sinn, stellen e wichtege Schrëtt duer, fir administrativ Prozeduren méi effizient a méi biergerfrëndlech ze gestalten. All concernéiert Acteure profitéiere vun dëse Reformen, besonnesch duerch d'Aféierung vu Bagatellgrenzen, verbindlechen Instruktiounsdelaien an dem Prinzip „Silence vaut accord". Doriwwer eraus suergen d'Digitaliséierung vun de Prozeduren an déi méi kloer Definitioun vun den Ufuerderunge fir Demanden fir méi Transparenz, Rechtssécherheet an eng méi séier Bearbechtung vun den Dossieren.

De Projet de loi n°8449, deen d'Naturschutzgesetz ännert, gouf Ufank Juni amendéiert. Doranner ginn ënner anerem Prezisioune gemaach, wien an Zukunft wat an der Gréngzon bauen däerf. D'Seuilen, fir iwwerhaapt an der Gréngzon dierfen ze bauen, gi fir d'Baueren erofgesat. Ausserdeem gëtt preziséiert, ënner wéi enge Konditiounen ee Wunnhaiser, Produktiounsanlage fir verschaffte landwirtschaftlech Produiten, Konstruktioune fir pedagogesch Aktivitéiten an „constructions à vocation touristique" opriichte kann.

Weiderhi goufen „Lignes directrices" fir landwirtschaftlech Bauten an der Gréngzon ausgeschafft. Si sinn ënnert dësem Link ze fannen:

https://environnement.public.lu/fr/publications/environnement/exploitations-agricoles.html.

2. **Kann d'Madamm Minister opléschten, wéi eng Mesüren an den nächste Joren zousätzlech op d'Baueren duerkomme kënnen, wat déi administrativ Aarbecht ugeet?**

**EU-Reglementatioun géint d'Ofholze vu Bëscher**

Am Kader vun der Ëmsetzung vun der EU-Reglementatioun 2023/1115 muss de Bauer ab dem 30. Juni 2027 noweisen dat seng betraffe Produiten (virun allem Ranner) net vun ofgeholzte Fläche stamen.

Fir de landwirtschaftleche Betriber eng konkret Hëllefstellung bei dëser Deklaratioun unzebidden, kënne si dem Landwirtschaftsministère hiert Mandat ginn, sou dass den Status “entwaldungsfräi” vun hire Randbéischten automatesch deklaréiert gëtt. Dofir ginn déi vum europäeschen Informatiounssystem generéiert EUDR-Referenznummeren am neie Véiregëster (MATRB / Sanitel) verwalt an un déi nächst Acteuren an der Filière viruginn, esou dass do keen zousätzlechen Opwand fir de Bauer entsteet. Wat de Sojaubau ubelaangt (nëmmen wéineg Flächen hei am Land si betraff), ënnerstëtzt den EUDR Helpdesk bei der ASTA d’Baueren bei hiren Deklaratiounen.

**Planzeschutz-Regëster**

Opgrond vum EU-Reglement 2023/564 mussen déi professionell Benotzer vu Planzeschutzmëttel ab dem 1. Januar 2027 e Regëster an elektronescher, maschinell liesbarer Form féieren. Fir all Behandlung sinn doran de Produit, den Datum an déi weider erfuerderlech Informatiounen zur Uwendung unzeginn. Dës Opzeechnunge kënnen an de Programmer gemaach ginn, déi de Bauer eventuell schonn notzt. Parallel dozou gëtt vu staatlecher Säit un engem digitalen Tool geschafft, datt d’Erfaassung vun den néidegen Donnéeën erméiglecht.

3. **Huet d’Regierung an deem Kontext e Konzept, respektiv e Plang, wéi si d’Baueren, wat déi administrativ Prozeduren ugeet, entlaaschte kann?**

D’Regierung ass sech bewosst, datt d’administrativ Belaaschtung fir d’landwirtschaftlech Betriber eng reell Erausfuerderung duerstellt. D’Verbesserunge ginn am enken Dialog mam Secteur ausgeschafft. Zesumme mat de landwirtschaftlechen Organisatiounen an de betraffenen Acteure ginn déi Prozeduren identifizéiert, déi besonnesch komplex oder belaaschtend sinn, fir konkret a praxistauglech Vereinfachungen ëmzesetzen.

D’Digitalisatioun an d’Vereinfachung vun de Prozedure sinn dobäi essentiel. D’Vernetzung vun den Datebanken gëtt ausgebaut, fir de Prinzip vum *« once only »* konsequent ëmzesetzen: Informatiounen, déi enger Administratioun schonn zur Verfügung stinn, solle bei de respektive gesetzleche Viraussetzungen net ëmmer nees vum Betrib agereecht musse ginn.

Am *Espace professionnel* vu MyGuichet kritt de Bauer ab dësem Hierscht als zentralen a gesécherten Zougangspunkt eng besser Iwwersiicht iwwer seng Dossieren, Demanden, Fristen an eventuell nach erfuerderlech Schrëtt.

Fir jonk Leit am Kader vun enger Betribsiwwernam geziilt ze begleeden, gëtt bei der Landwirtschaftskammer eng zentral Ulafstell geschaf. Dës déngt als éischte Kontaktpunkt a begleet si duerch déi administrativ, juristesch a finanziell Schrëtt.

Lëtzebuerg, den 25. September 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau